



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Do geet et ëm d'Fusioun vun de Gemengen Eschweiler a Wolz, de Projet 6712. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Claude Haagen.

7. 6712 - Projet de loi portant fusion des communes d'Eschweiler et de Wiltz

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, de Projet de loi 6712 iwwert d'Fusioun vun den aktuelle Gemenge Wolz an Eschweiler ass de 27. August vun dësem Joer vum zoustännegen Innenminister hei an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 21. Oktober vun dësem Joer ginn. An déi zoustänneg Intérieurskommissioun huet no der Analys vum Projet de loi an dem Avis vum Statsrot Amendementer zu dësem Projet de loi gemaach.

De Statsrot huet säin Avis complémentaire den 9. Dezember ofginn, an d'Kommissioun huet de Rapport iwwert dëse Projet de loi den 11. vun dësem Mount unanime ugeholl.

Här President, d'Diskussiounen iwwer eng Fusioun tëscht Eschweiler a Wolz hunn Enn 2013 ugefaangen. Mat agebonnen an dës Diskussioun war d'Cellule indépendante des fusions communales souwéi d'Distriktskommissariat vun Dikrech. An de Gemengeréit vun deene genannten zwou Gemenge sinn den 18. Dezember 2013 d'Deliberatiounen approuvéiert ginn, fir de Schafferot ze mandatéieren, a puncto Gemengefusionen ze verhandelen.

Dës Verhandlung si gutt weidergaangen, dëst ëmsou méi, well déi zwou Gemenge schonns a fénnef Gemengesyndikater zesummeschaffen.

D'Bierger vun deenen zwou Gemenge si per Referendum de 25. Mee 2014 ëm hir Meinung zu enger Gemengefusion gefrot ginn, an dës Konsultatioun ass an deenen zwou Gemenge positiv ausgefall, soudatt déi zwee Gemengeréit de 4. Juni vun dësem Joer iwwert d'Deliberatioun Feu vert fir dës Fusioun ginn hunn.

Mir hunn also, wann dës Fusioun iwwert dëse Projet de loi votéiert gëtt - wouvun ech ausginn -, dann an der Gemengelandschaft hei zu Lëtzebuerg nach 105 Gemengen.

Wéi bei all Gemengefusion huet och dës Fusioun Dispositions transitoires, dat heescht Iwwergangsbestimmungen. Ech wëll déi hei a mengen Ae wichtigst zitéieren, déi aner stinn am schréffleche Rapport.

Déi nei Gemeng, déi den 1. Januar 2015 a Kraaft trëtt, dréit den Numm „Commune de Wiltz-Gemeng Wolz“, mat Sëtz zu Wolz. Dëst ass och am Sënn vum Aménagement du Territoire, well Wolz och als CDA, also als Centre de développement et d'attraction, klasséiert ass.

Wolz behält de Statut als Stad Wolz, an an dëser neier Gemeng behale mir am Ufank bis déi nächst Gemengerotswahlen, dat heescht bis den 8. Oktober 2017, déi zwee Wahlsystemer, ee Majorz an ee Proporz, wann et an der Tëschenzäit sollt zu Wahlen kommen.

Bis déi nächst Gemengewahle vum 8. Oktober 2017 huet déi nei Gemeng Wolz vum 1. Januar 2015 un 18 Conseilleren, an zwar siwe vun Eschweiler an eefel vu Wolz.

De Schafferot, dee sech aus där Konstellatioun wäert erginn, besteet aus engem Buergermeeschter a fénnef Schäffen. Bei deenen nächste Gemengerotswahle vum 8. Oktober 2017 bestëmmen d'Awunner aus där neier Gemeng Wolz dann 13 Conseilleren, an dovunner ee Buergermeeschter an ee Schafferot mat dräi Schäffen.

Bei de Gemengerotswahle vum 8. Oktober 2023 wäert sech deen neie Schäffen- a Gemengerot en fonction vum Gemengegesetz, dat heescht laut dem Droit commun, opgrond vun der Awunnerzuel vun dëser neier Gemeng zesummesetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, bei der Gemengefusion - a bei all Gemengefusionen - spillen d'Gemengefinanzen natierlech och eng Roll. D'Fusiounsgemeng Wolz kritt eng finanziell staatlech Hëllef, an zwar laut deem Tableau, deen a mengem schréffleche Rapport agesat ass an deen op d'Awunnerzuel vum 1. Januar 2015 ugerechent gëtt. Dës Hëllef mussen an deenen nächsten zéng Joer ausbezuelt ginn an déi éischt Tranche vun dräi Milliounen Euro ass fir de Budgetexercice 2015 virgesinn. Déi finanziell Hëllef gëtt fir den Ofbau vun de Gemengescholde benotzt.

Wat d'Taxe vun de Gemengen ugeet, esou ass festgehalten, datt den Taux vum Impôt commercial a vum Impôt foncier, dee fir d'Steierjoer 2015 ugewannt gëtt, deen Taux ass, deen actuellement an deenen zwou Gemengen am niddregsten ass.

Här President, d'Fonctionnaires an d'Employés communaux, d'Employés privés an d'Salariéë vun deenen aktuellen zwou Gemenge ginn alleguerter vun där neier Gemeng iwwerholl. All déi Leit behalen natierlech hir Droit-acquisen an hir Carriären.

De Statsrot hat a sengem Avis e puer textuell Annerunge virgeschloen a sech fir eng eventuell Opposition formelle bei der Formulatioun vun enger Denominatioun am Kader vun enger Carrière ausgesprach.

D'Intérieurskommissioun aus der Chamber huet all dës Propositionen deelweis iwwerholl an ugeholl, soudatt am Avis complémentaire de Statsrot sech mat dësem Projet de loi d'accord gewisen huet.

Domadder steet, no dësem Vote vun haut, der neier Fusiounsgemeng Wolz näischt méi am Wee. Ech géif der neier Gemeng bonne Chance wënschen, dat am Intérêt vun hire Bierger, an natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Här Haagen. Éischte Riedner ass den Här Emile Eicher.

Discussion générale

► **M. Emile Eicher** (CSV).- Här President, erlaabt mer direkt dem honorablen Deputéierte Claude Haagen Merci ze soe fir säin ausféierlechen a prezise Rapport.

Vill Elementer mussen zesummekommen, fir datt eng Fusioun reüsséiert. Virun allem muss een e gemeinsam Zil fir déi nei Gemeng entwéckelen. Doriwwer eraus gëllt et awer och, d'Bevëlkerung vun den Avantagen an där neier Fusiounsgemeng ze iwwerzeegen an och op eventuell Problemer anzegoen a gläichzäitig zesumme besser Léisungen ze proposéieren.

Mir wëssen awer och all heibannen, datt engerzäits eng enk intercommunal Zesummenaarbecht um politeschen Niveau an op där anerer Säit d'Zesummeliewe vun eise Bierger an

de Veräiner an am Alldag déi beschte Viraussetzung ass fir eng Gemengefusion.

Dobäi ass den Engagement vun de Membere vun de Schäffen- a Gemengeréit sécherlech mat entscheidend. Zu Wolz an zu Eschweiler hu si dat fäerdegruecht. Si hu sech souguer an enger Rekordzäit ennereneen eens gemaach a sinn dunn zesumme mat dem Här Innenminister bei hir Bierger op zwou Informationsversammlunge gaangen, fir hir Iddien ze presentéieren.

Am Referendum vum 25. Mee krute si mat 54% vun de Wieler zu Eschweiler a mat iwwer 80% zu Wolz den Optrag, dës Fusioun bis Neijoerschdag dëst Joer an d'Realitéit ze setzen.

Op d'Detailer vun dësem Projet de loi wëll ech awer elo net agoen, de Rapporteur huet dat jo schonn am Detail gemaach.

Här President, ech sinn iwwerzeegt, datt ee groussen Deel vum Succès vun dëser Fusioun op d'Hëllef vu bausse baséiert. Niewent dem Distriktskommissär an de Beamte vum Innenministère konnten déi Wolzer an déi Eschweiler - besonnesch am Ufank vun hiren Démarchen - op d'Ennerstëtzung vun der Cellule indépendante des fusions communales zréckgräifen. Dës Cellule, ënnert der konsequenter an och kompetenter Leedung vun der Madame Tilly Metz, wor ënnert dem viregten Innenminister Jean-Marie Halsdorf an d'Liewe geruff ginn, fir alle Gemengen ze hëllefen, déi un enger Fusioun interesséiert woren.

Dës Kommissioun hat dee grouse Virdeel, datt se fir all Bedeelegt indépendant wor. Wann ech richtig informéiert sinn, ass den Impuls vun dëser Fusioun ënner anerem och duerch d'Démarché vun dëser Cellule entstanen. Well hir Membere vill Erfahrung gesammelt haten, déi si bei anere Gemengefusionen erageholl hunn, konnte se deene Wolzer mat enger ganzer Rei vu professionnelle Rotschléi zur Säit stoen. Besonnesch an der Kommunikatioun ass et enorm wichtig, wéi ee sech uleet, wourop een oppasse muss, wéi eng Weeër an Aarbechtsgruppe funktionéieren oder och net.

Ech muss lech soen, ech fannen et eigentlech schued, datt et dës Ennerstëtzung zënter dem Summer net méi gëtt.

Ech zweifelen awer ganz bestëmmt net drun, datt d'Beamten am Innenministère all Gemenge, déi fusionéiere wëllt, souwuel eng administrativ wéi och eng juristesche Hëllefstellung wäerte ginn.

Ech froe mech awer, ob dat eleng dueergeet. D'Cellule hat nämlech nach e bëssen en aneren Optrag. Hir Roll wor et éischters, d'Gemengeresponsabel fir d'Fusioun ze motivéieren, zweitens, hinnen ze hëllefen, déi éischt politesch Schrëtt an d'Weeër ze leeden; zum Beispill de richtige Fusiounspartner iwwerhaapt ze identifizéieren. Drëttens, se duerch déi verschidden Etappe vun der Fusioun ze coachen - dat war och hir wichtigst Roll, si konnten hinnen nämlech punktuell zur Säit stoen, wa Schwieeregkeiten entstane sinn.

Dëst Zort vu Begleedung - dat hunn ech vun e puer Säiten héieren - kann awer ganz entscheidend sinn. Ech géif dofir un de Minister appelléieren, ze probéieren eventuell ënner enger anerer Form weiderhin de Gemengen esou eng Ennerstëtzung unzëbitten, fir datt och an Zukunft nach eng Partie staark a gutt opgestallte Gemengen duerch Fusiounen entstoe kënnen.

Här President, et ass kee Geheimnis, datt ech perséinlech e Verfechter vun de Gemengefusionen sinn. Wéi Der wësst, si mir deeselvechte Wee jo och zu Clierf gaangen. An ech muss lech soen, dës Schrëtt deet eis net leed an huet eis och nach net leed geden. Mir kënnen eis haut scho bal net méi virstellen, wéi mer nach funktionéiere géifen, wa mer déi Fusioun net hätten.

Et freet mech dofir ëmsou méi, datt meng Nopeschgemeng elo deeselvechte Wee geet, domadder e gudd Strapp wiisst an esou och hirem Rôle als CDA-Gemeng nach besser no-komme kann. Ech wënschen hinnen dobäi e ganz groussen Erfolleg.

Selbstverständlech wäert d'CSV-Fraktioun dëse Projet de loi och stëmmen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Eicher. Nächste Riedner ass den Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt d'Geleeënheet notzen, fir dem Rapporteur e grouse Merci ze soe fir säi prezise schréfflechen a mëndleche Rapport.

Här President, dëse Projet de loi ass déi lescht Etapp, fir dass d'Fusioun vun de Gemengen Eschweiler a Wolz ab dem 1. Januar 2015 Realität gëtt a si dann zesummen den Numm Commune de Wiltz droen. Dës nei Gemeng wäert da knapps 6.400 Awunner zielen a sech aus siwen Uertschaften zesummesetzen. Dat

heescht: Wolz, Ierpeldeng, Eschweiler, Rulljen, Selschent, Wegdichen a Knapphouschent.

D'Gemengepolitik huet nach ëmmer am Wierke vun der Demokratescher Partei eng besonnesch Plaz ageholl. Fir d'DP ass et kloer, dass e fräiheetleche Stat op staark Institutionen ugewisen ass. An zu deene staarken Institutionen gehéiere nun emol all eis Gemengen. Duerfir muss een derfir suergen, de Gemengen en optimale Kader ze ginn, fir hir Aufgabe kënnen auszeüben.

Ganz wichtig ass et och, dass d'Gemengen déi néideg Autonomie hunn, fir kënnen optimal de Besoinen vun hire Bierger Rechnung ze droen, well d'Gemenge sinn e Service de proximité fir de Bierger. An dës Bierger ginn ëmmer méi usprochsvoll. Wëllt een dem Bierger déi beschmeigleche Servicer ubidden, brauch een dofir Moyenen. An duerch eng Fusioun klammen d'Moyenen, fir dem Bierger besser Servicer ubidden ze kënnen.

Eng Fusioun ass d'Geleeënheet, Synergien ze schafen, do, wou Synergie sënnvoll sinn. Dat reduzéiert d'Käschte fir d'Gemengen an erhéicht d'Qualitéit vum Service um Bierger.

D'DP huet ëmmer gesot, dass regional Kooperatiounen um Gemengenniveau gradesou sënnvoll kënnen si wéi Fusiounen. Mä d'DP erkennt awer och, dass d'Gemenge sech nei orientéiere mussen, fir deenen neien Erausforderungen vun onser Zäit gerecht ze ginn a fir e Kader ze schafen, an deem d'Famillje sech kënnen niderloossen a wuelfillen.

Fusiounen mussen vun ennen erop wuessen an net vun uewen erof diktéiert ginn! Duerfir ass et fir d'DP elementar, dass sech déi verschidden Gemengeverantwortlech eens sinn an zesummen de Wëllen ausdrécken, eng Fusioun ze maachen. Wat awer genausou wichtig ass, ass, dass d'Bevëlkerung gefrot gëtt a sech och fir eng Fusioun aussprécht. Duerfir ass d'DP fir de Prinzip vun de Gemengefusionen, awer just verbonne mat engem verbindleche Referendum.

Dës Referendum hunn Eschweiler a Wolz dann och de 25. Mee gläichzäitig mat den Europawahlen organiséiert. Bei deem Referendum hu sech zu Wolz iwwer 80% fir eng Fusioun ausgesprach, woubäi et zu Eschweiler ëmmerhin nach 54% woren. Wichtig ass also, dass d'Bevëlkerung hanner esou enger Fusioun steet an dës och akzeptéiert.

(Interruption)

Ech géif och am Numm vun der DP...

(Interruption)

...deenen zwou Gemenge vill Succès wënschen no hirer Fusioun. An ech bréngen hei natierlech och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Arendt. Den Här Traversini huet d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech mengen, och vun eiser Säit aus Merci un de Rapporteur. Et ass am Fong geholl alles gesot. Den Accord vun där grénger Fraktioun bréngen ech heimadder mat. Ech si just gespaant, wien dann an der Gemeng Wolz do éischte Buergermeeschter oder Buergermeeschtesch wäert ginn. Mol gespaant!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Traversini. Dann huet d'Wuert den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Mir begrëssen déi Fusioun do, esou wéi mer iwwerhaapt begrëssen, datt de Fusionsprozess vun de Gemenge soll weidergoen. Natierlech sollen déi Fusiounen op Fräiwëllegkeet berouen. Ech mengen, doriwwer si mer eis eens, och wann d'Fräiwëllegkeet bis elo mat 2.500 Euro op de Kapp e bësse verséisst ginn ass. Deem wäert, wann ech dat richtig verstanen hunn, an Zukunft net méi esou sinn, well dann dat erofgesat gëtt op 2.000 respektiv 1.500 an 1.000 Euro, jee no Awunnerkategorie.

Wa mer déi Fusioun hei gestëmmt hunn, sot de Rapporteur, hätte mer nach 105 Gemengen. An d'Fro, déi sech stellt, ass fir mech trotzdem awer och déi, wéi et duerno weidergeet.

Ech mengen, et war ëmmer een Accord politique zu Lëtzebuerg, souguer mat de Gewerkschaften aus dem Gemengesektor, fir ze soen, eng Gemeng soll mindestens 3.000 Awunner hunn, fir déi noutwendeg Masse critique ze hunn, fir kënnen alles dat ze maachen, wat een als Gemeng senge Bierger soll bidden, fir déi Infrastrukturen ze bauen am Sport, an der Kultur, am Schoulberäich, an de Crèchen, fir och Dëngschtleeschung ze bréngen un de Bierger, wat d'Berodung ugeet, un d'Betribler, am Recycling an esou weider an esou fort.



An deem Sënn wollt ech effektiv och hei d'Geleeënheet notzen, fir de Minister ze froen, wéi et an deem Prozess do weidergeet. Virdrun ass d'Cellule indépendante, déi vun der Madame Metz presidéiert ginn ass, ugeschnidde ginn, déi eng wichteg Aarbecht gemaach huet.

Wou sinn d'Ofschlossaarbechte vun där Cellule drun? Gëtt et do ee Rapport? Souwäit wéi ech weess, huet de Minister d'Cellule nach eng Kéier verlängert gehat, hire Wirkungsberäich. Mä elo ass se ofgeschaf.

Wou fannen d'Gemengen Hëllef respektiv wou fanne se een Ersatz fir déi Cellule? Musse se sech un de Ministère wenden? Respektiv misst een net, wéi de President vum Syvicol dat och gesot huet, eng aner Struktur hunn, déi och proaktiv weider dee Prozess do suivéiert an am Fong geholl déi nämlecht Begleitung, Coaching an esou weider mécht oder nach méi intensiv, wéi dat bis elo schonn de Fall war? Ech mengen, et ass awer derwäert, datt een déi Froen hei klärt.

Een aneren Aspekt, dee mir wichteg ass, dat ass dee vum partizipative Prozess vun de Bierger bei de Fusiounen, virun de Fusiounen. An ech hoffen, datt mer vläicht och eng Kéier an eng Dynamik erakommen, ech hunn elo kee Bilan vun deene Gemengen, wou dat geschitt ass, fir dee partizipative Prozess och duerno weiderzeféieren. Well ech mengen, datt iwwerhaapt d'Biergerbedeelegung an eise Gemengen a grad a fusionéierte Gemengen, wou net méi esou kleng Unitéite bestinn, ee wichtige Bestandsdeel muss si vun der Gestiouen op lokaler Ebene.

An deem Sënn stëmme mir fir dee Projet a wiere frou, fir Är Antworten ze kréien op déi Froen, déi sech awer trotzdeem stellen, wéi mer iergendwa vläicht awer dann eng Kéier zu deene 70 Gemenge kommen, och wann d'Strécher net onbedéngt esou verlafen, wéi d'Regierung se gezunn hat, well mer effektiv da wëllen, datt dat mat de Bierger a mat deene Gemengeresponsabelen zesumme geschitt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Turpel. Dann huet den Innenminister d'Wuert, den Här Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*. - Merci, Här President. Wann een esou een exzellente Rapport presentéiert kritt iwwer e Projet de loi, wéi dat elo hei grad de Fall war, da brauch een als Minister net méi weider op d'Detailer vun deem Projet de loi anzegoen. An dofir e grouse Merci un de Berichterstatter wéi och un alleguer d'Membere vun der Kommission, déi hei, mengen ech, eng exemplaresch Aarbecht, gelescht hunn.

Den Här Emile Eicher huet en Thema opgeworf, wat mech ganz beréiert huet, an et gëtt mer och d'Geleeënheet, deene Leit, déi an där Cellule indépendante des fusions communales geschafft hunn, e grouse Merci auszedecken, well effektiv, esou wéi hien et gesot huet, do eng ganz grouss Virbereedungsarbeitsch gemaach ginn ass, am Sënn vun der Weiderféierung vum Fusionsprozess.

Ech wëll och hei ganz kloer nach eng Kéier bestätegen, dass d'Regierung och weiderhin de Fusionsprozess wäert positiv begleeten, wann och vläicht mat enger licht anerer Approche, wéi dat virdrun de Fall war, andeems dass mer gesot hunn, dass d'Fusiounen nëmme kënnen zustane kommen, wa se fräiwëlleg vun de Gemengen initiéiert ginn a wann och an alle Gemengen e Referendum ausgaangen ass, an dass dee Referendum och muss positiv ausfalen.

An dat gëtt mer och d'Geleeënheet, nach eng Kéier drun ze erënneren, dass an deem Joer insgesamt néng Referende waren, vun deenen der siwe positiv ausgaange sinn an zwee negativ.

Vläicht awer zrëck bei d'CIFC, also déi Cellule indépendante des fusions communales. Wat net gesot ginn ass, ass, dass déi Kommission vun Ufank un e Mandat hat, wat bis op den 31.12.2013 beschränkt war. Et muss een och soen, dass déi Cellule jo net zum Selbstkostenpräis oder zum gratis Präis ze kréie war, mä dass déi och Sue kascht huet.

Fir déi Fusionskommission sinn zwee Leit aus dem Enseignementssektor fräigestallt ginn, fir déi Aarbecht ze maachen. Also zwee Posten aus

dem Enseignement. Et war ee Mann derbäi, dee fräigestallt ginn ass vun engem Bureau d'études, dee selbstverständlech dofir entschiedegt ginn ass. An et war eng Mataarbechterin vum Syvicol derbäi. An de Syvicol ass selbstverständlech och fir där hir Aarbecht entschiedegt ginn.

Trotzdeem war ech der Meenung, well d'Aarbecht nach net ganz ofgeschloss war vun där Cellule, dass een d'Mandat sollt verlängere bis an de Summer vun deem Joer. Dat ass och geschitt. An dat huet der Cellule et och erméiglecht, hir Aarbecht ofzeschleissen.

Déi Cellule huet och en Ofschlossbericht erausginn, deen een och kann noliessen. Jiddweree kann dee kréien. Dat ass kee Geheimnis. An do gesäit een och, wéi eng Approche dass déi Cellule hat, wéi se un d'Gemengen erugetrueden ass. An ech mengen, et ass haaptsächlech déi Approche, déi jo och apprécieiert ginn ass. An ech kann lech versécheren, dass de Ministère och wëlles huet, mat där nämlecher onofhängeger Approche u weider Fusionsprojeten erunzegoen.

Och dat wëll ech hei ganz kloer eng Kéier ënnersträichen. Et ass absolut net esou, wéi wann d'Fusionsbewegung elo ofgebrach wär; ganz am Géigendeel, si geet virun. Ech hat nach d'lescht Woch zwou Gemenge bei mer setzen, déi sech wëllen an de Fusionsprozess erabeginn. An ech kann lech soen, dass mer eng ganz konstruktiv Diskussioun gefouert hunn, fir dat kënnen hei zu engem positiven Ofschluss ze bréngen.

Also, nach eng Kéier ganz kloer: Ech hu wëlles, mech als Minister ganz konkret an d'Projete mat anzuschalten, wann dat gewollt ass vun de Gemengen, ganz wäit och ze goen, wat mä perséinlechen Engagement ugeet, fir déi Fusiounen kënnen weiderzedreiwen. Op där anerer Säit ass awer och ganz kloer nach ëmmer d'Prämiss: Et muss e positive Referendum an de Gemengen do sinn, a soss, an engem anere Fall, kënn vum der Regierung kee Projet de loi, fir eng Fusioun ze maachen.

Dat gesot, nach eng Kéier e grouse Merci un alleguerten déi, déi matgeholfen hunn, dass dese Projet konnt geléngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Innenminister. Da géife mer direkt zum Vote iwwert den Ensemble vum Projet 6712 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6712 et dispense du second vote constitutionnel

D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwuer an d'Fusioun vun de Gemengen Eschweiler a Wolz ass unanime vun der Chamber adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, dass mer de Projet vun dem zweete verfassungsméissege Vote entbannen?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

Mir géifen direkt zum nächste Projet iwwergoen. Et ass d'Proposition de loi iwwert de Changement vum Numm vun der Gemeng lerpeldeng an dee vun lerpeldeng op der Sauer. D'Wuert huet direkt den Auteur-rapporteur, den Här André Bauler.

8. 6605 - Proposition de loi relative au changement du nom de la commune d'Erpeldange en celui d'Erpeldange-sur-Sûre

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. André Bauler** (*DP*), *auteur-rapporteur*. - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mat deem Gesetzesvorschlag, deen ech den 8. August 2013, also nach an der viregter Legislaturperiode, an der Chamber déposéiert hat, soll den Numm vun der Gemeng lerpeldeng geännert ginn. D'Gemeng soll net méi lerpeldeng, mä lerpeldeng un der Sauer, Erpeldange-sur-Sûre, heeschen.

De Gesetzesvorschlag gouf de 6. Mee 2014 als recevabel erkläert. An ech selwer gouf vun der Intérieurskommission an hirer Sitzung vum 19. November 2014 zum Rapporteur ernannt. Ech wëll nach eemol drun erënneren, datt de Gemengerot vun lerpeldeng den 28. Januar 2013 d'Uertschaft lerpeldeng am Kanton Dikrech ëmbenannt hat, andeems hien hir den Numm „lerpeldeng un der Sauer“ ginn hat.

De Gemengerot hat seng Entscheidung folgendermoosse motivéiert.

Dat éischt Argument huet doranner bestanen, datt et am Grand-Duché insgesamt dräi Uertschaften mam Numm lerpeldeng gëtt: lerpeldeng bei Dikrech oder Ettelbréck, lerpeldeng bei Bus oder Réimech an lerpeldeng bei Wolz oder Eschweiler. Dës Situatioun féiert zanter Joren zu Verwiesslungen bei Liwwerungen, Visitten oder souguer am Brëfverkéier.

Als zweet Argument hat den lerpeldenger Gemengerot prezisiéiert, datt d'Sauer, déi laanscht d'Duerf fléisst an och an der ganzer Gemeng als Floss präsent ass, et erlaabt, fir den Numm ze ergänzen an lerpeldeng - also Erpeldange - an Erpeldange-sur-Sûre ëmzewandelen an esou d'Identitéit vun der Uertschaft ze ënnersträichen.

Den Term „Nordstad“ ass deemools net als Referenz zrëckbehale ginn, besonnesch well de Statsrot schonn a sengem Avis vum 5. Juni 2007 zum Gesetzesprojet iwwert d'Schafung vum Nordstad-Lycée, zu Recht, bemierkt hat, datt dë verbal Kreatioun oder de Begrëff „Nordstad“ weder e juristescht nach en administratiivt Fëllelement huet.

A sengem Courrier vum 14. Juni 2013 hat den deemolegen Innenminister Jean-Marie Halsdorf prezisiéiert, datt et ganz de Gewunnechte vum Land géif entsprechen, fir den Numm vun engem Floss dem Duerfnumm bäizefügen, fir iwwert dese Wee Verwiesslungen ze vermeiden. Well dës Ajoute also enger geografescher Realitéit entsprécht, huet sech de Minister der Deliberatioun vum lerpeldenger Gemengerot also net opposéiert, à condition, datt och den Numm vun der Gemeng misst geännert ginn, also datt net nëmmen d'Uertschaft, mä och d'Gemeng an Zukunft Erpeldange-sur-Sûre soll heeschen.

Duerfir huet hien de Gemengenautoritéiten un d'Häerz geluecht, fir per Gesetz och den Numm vun der Gemeng ze änneren an en also d'selwecht ze schreiwe wéi dee vum Duerf lerpeldeng un der Sauer. Géif dat net geschéien, esou de Minister Halsdorf, géif et zu neie Konfusiounen kommen. Duerfir huet de Gemengerot a senger Séance vum 16. Juli 2013 entscheet, fir dem Minister Halsdorf seng Proposition unzehuelen an och den Numm vun der Gemeng änneren ze loosser.

Vu datt dat awer, wéi schonn d'éinescht gesot, nëmmen iwwer Gesetz, also nëmme mat der Zoustëmmung vum Parlament geet, hunn ech mer erlaabt, fir den 8. August 2013 eng Gesetzesproposition an der Chamber ze déposieren.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 1. Juli 2014 d'Meenung vum lerpeldenger Gemengerot an domat och den Exposé des motifs vu menger Gesetzesproposition gedeelt. Och ass de Statsrot der Iwwerzeegung, datt d'Existenz vun dräi Uertschaften mam Numm „lerpeldeng“ zu regelméissege Verwiesslungen an lertemer féiert.

A sengem Avis vum 22. Juni 2004 iwwert d'Schafung vun engem Fleegeheim fir Persounen mat psychogeriatresche Stéierungen zu lerpeldeng bei Ettelbréck duerch d'Gesetz vum 13. Dezember 2004, deene sougenannten „ALA-Gebailechkeeten“, hat de Statsrot schonn deemools festgestallt, datt weder de Gesetzesprojet oder den Exposé des motifs nach déi respektiv Konventioun mam Stat uginn, ëm wat fir en lerpeldeng et sech eigentlech handelt. Dës ëmsou méi, huet deemools de Statsrot wuertwärtlech geschriwwen, wou d'Téléfonbuch net manner wéi dräi Uertschaften mam Numm lerpeldeng mentionnéiert.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

De Statsrot bemierkt dann awer och nach, datt et guer keng gesetzlech Prozedur gëtt, no där d'Ännerung vum Numm vun enger Uertschaft geregelt gëtt. De Statsrot ass och der Iwwerzeegung, datt, wann den Numm vun der Gemeng geännert gëtt, da parallel dozou och den Numm vun der Uertschaft, déi deeselwechten Numm dréit, matgeännert gëtt. Duerfir schléit de Statsrot vir, iwwert d'Opportunitéit nozedenken, den Artikel 3 vum modifizéierte Gesetz vum 13. Dezember 1988 an deem Sënn ze änneren.

De Statsrot huet d'Argumenter vum lerpeldenger Gemengerot akzeptéiert an och d'Argumentatioun vum Exposé des motifs vun deser Gesetzesproposition. E gëtt och duerfir säin Accord zu deser Proposition de loi.

Fir all aner Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Ech wëll all deene Leit Merci soen, déi zu deem Rapport bäigedroen hunn. Merci dem President an de Memberen aus der zoustänneger Intérieurskommission fir hir konstruktiv an onkomplizéiert Mataarbecht. Merci och, datt de Rapport an der Kommission eestëmmeg ugeholl konnt ginn.

Ech schléisse meng mëndlech Interventioun, andeems ech elo schonn den Accord vun der DP-Fraktioun zu deser Proposition de loi abréngen.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci dem Här Bauler. Den éischte Sprécher ass den Här Eicher.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV). - Neen, Här President, ech géif dat maachen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Ah!

(Interruption)

► **M. Aly Kaes** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mer erlaben, dem Auteur-rapporteur vun deser Proposition de loi ze félicitéieren fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport. Och fir d'Proposition de loi. Dat Ganzt, dat mécht Sënn. Mir droen als CSV-Fraktioun natierlech deen dote Projet mat a ginn och hei d'Jo-Wuert derzou.

(Brouhaha général)

► **Une voix**. - D'Jo-Wuert?

► **M. Aly Kaes** (CSV). - Ma, d'Jo-Wuert, jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Dann huet d'Wuert den Här Claude Haagen.

(Interruption par M. Claude Haagen)

Et ass an der Rei.

(Hilarité)


Neen, ech hunn lech hei stoen. Dann, wann dat dann esou ass,...

► **M. Claude Haagen** (LSAP). - Ech ginn och d'Jo-Wuert!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - ... wann dat dann esou ass, vu dass et jo eng Proposition de loi ass, kann d'Regierung Stellung huelen, se muss awer net.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*. - D'Regierung wäert dat ganz kuerz maachen, well mer alleguerten Honger hunn. Ech mengen, d'Regierung steet hannert deem Projet. Dat wësst Der alleguerten. An ech wëll alleguerten deene Leit, déi um Projet bedeelegt sinn, Merci soe fir hiren Asaz.



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter

